J'ai toujours soutenu, les choses étant ce qu'elles sont, que le législateur luxembourgeois avait l'obligation de régler définitivement le problème des Enrôlés de Force, victimes du nazisme. Une fois celui-ci réglé sur le plan national, le Luxembourg sera outillé moralement et diplomatiquement pour en réclamer le coût à la République fédérale d'Allemagne. Je rappellerai que le règlement définitif du problème national des Enrôlés de force implique, d'une part l'égalité en droit des Enrôlés de force, victimes du nazisme, dans la loi sur les dommages de guerre du 25 février 1950, et d'autre part, la mise en oeuvre de la retraite anticipée sur une base volontaire, telle que je l'ai proposée dans ma proposition de loi du 16 février 1978, accordant la retraite anticipée à leur demande aux personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant et portant fixation des suppléments de pensions afférents.

Cette revendication est indivisible. Elle correspond à ce que j'ai soutenu au cours de la législature écoulée. Elle correspond au programme électoral de la liste que j'ai présentée dans la circonscription du Centre et des listes des Enrôlés de force dans les trois autres circonscriptions.

La réalisation de ces justes revendications ne doit pas dépendre du bon ou du mauvais vouloir du débiteur. Elle doit sans tarder trouver sa réalisation sur le plan national. Dès lors le coût de l'opération sera connu, chiffré et devra être réclamé au débiteur, en l'espece à la République fédérale d'Allemagne, successeurs du Ille Reich, qui ne saurait élu-

der ses devoirs de réparation intégrale des dommages si le Gouvernement luxembourgeois le veut.

Qu'on fait les Gouvernements luxembourgeois à cet égard, qu'entend faire le Gouvernement actuel pour obtenir satisfaction de la part de la République fédérale d'Allemagne? Où en sont, s'il y en a, les pourparlers avec la République fédérale d'Allemagne? Pour que tout soit bien claire, je dis que le fait de la non-solution du problème des réparations allemandes envers notre pays ne doit pas être pris pour prétexte pour empêcher le règlement immédiat du problème des Enrôlés de force sur le plan national. Mais toutes les dépenses, tant pour l'égalité des droits des Enrôlés de force dans la loi des dommages de guerre de 1950 que pour la retraite anticipée pour toutes les victimes du nazisme devront être remboursées par la République fédérale d'Allemagne, successeur du Ille Reich.

—o—

Das alles hatte unserem nun gewesenen Herrn Aussenminister nicht gefallen. Am 30. Oktober profitierte er von der Gelegenheit und hat es diesem Gremling und Weirich (letzterem weit mehr als ersterem) mal gehörig gesagt. Er hat ihnen, wie wir es in unserer Mundart auszudrücken pflegen «et emol esou richteg laafe ge-looss». Und was er an jenem Tag von sich gab, war wirklich schlimm. es wimmelte und wirbelte an Verdrehungen und Unterstellungen derart, daß einem beinahe übel wird. Direkt beleidigend empfanden wir, daß er von unseren Nationalpräsidenten sagte: ... M. Weirich, alors pas encore l'honorable M. Weirich, mais simplement le Président Weirich, ...»

Diese Aussage kommt wie ein giftiger Schlangenbiß aus dem Hinterhalt. Sie offenbart eine Metalität unerträglicher Überheblichkeit. «Honorable» heißt zu Deutsch achtbar, ehrenwert oder achtungswert. Würde das zutreffen, wie H. Thorn es von sich gab, gäbe es in Luxemburg nur eine zahlenmäßig kleine Elite sogenannter achtbarer, ehrenwerter oder achtungswerter Bürger. Die große Masse, etwa 99,97 Prozent der Luxemburger wären keine achtbaren, ehrenwerter oder achtungswerte Bürger. Sie wären lediglich simple Anonymi! Es wären Menschen, deren Simplizität man nutzt um sich selbst vom Elendigen und Simplen zu lösen und sich be-weihräuchern zu lassen.

Damit der Leser sich selbst ein Bild von dem Thornschen Stachel machen kann, reproduzieren wir nachfolgend jene Passage seiner Rede in der Abgeordnetenversammlung, mit der er unseren Nationalpräsidenten «fertig machen» wollte und mit ihm sämtliche Enrôlés de force.

«En ce qui concerne la deuxième question, celle des Enrôlés de force, question soulevée par l'honorable M. Weirich et par l'honorable M. Gremling, ce dossier, M. le président, a un double aspect, un aspect interne et un aspect externe, et pout mémoire, je voudrais rappeler qu'il appartient en quelque sorte aujourd'hui au domaine, je ne dirai pas au domaine réservé, mais au domaine qui est celui de M. le Président du Gouvernement. Sous son autorité un groupe interministériel a été institué pour traiter de ce problème. L'honorable M. Weirich le sait mieux que quiconque, puisqu'il a été reçu dans ce contexte par M. le Président du Gouvernement et non par moi-même. Je n'appartiens pas à ce groupe ministériel et j'ai pensé qu'il était logique, après toutes les suspicions dont m'entouraient l'honorable M. Weirich et l'organisation à laquelle il préside encore, de ne pas appartenir à ce groupe et de laisser toutes les libertés possibles à la nouvelle politique du Président du Gouvernement.

Mon Département n'a donc pas — et je tiens à le souligner — l'initiative des démarches à faire, et, même sur le plan international, il n'est que le strict exécutant de la politique gouvernementale et je l'ai été moi-même avec la plus profonde loyauté, en permanence, tout au fil de des années, pour faire les interventions qui s'imposaient et qui étaient et sont dictées par les intérêts du pays, voire par la politique des Gouvernements qui se sont suivis.

Pour ma part, et compte tenu du projet de loi qui devrait incessamment faire l'objet de vos débats, j'avoue que j'éprouve quelque difficulté à situer la démarche des honorables MM. Weirich et Gremling et l'autogénèse des revendications me surprendra toujours: chaque mesure interne appelle une action externe, et vice-versa. On ne peut jouer et gagner sur deux tableaux à la foi. J'espère seulement que sous la roulette M. le Président du Gouvernement ce jeu pourra enfin trouver un terme.

Si, sur le plan interne donc, satisfaction pouvait être donné, du moins peut-on l'espérer, aux Enrôlés de force, je voudrais rappeler quand même les efforts que les Gouvernements précédents n'ont jamais cessés de déployer tout au fil des années, en prenant toujours le relais et en s'adressant toujours à nos interlocuteurs de Bonn. Je rappellerai d'ailleurs quand, à certains momemts, j'ai dit qu'il fallait faire front commun avec nos amis belges et français, ce ne fut personne d'autre que M. Weirich, alors pas encore l'honorable M. Weirich, mais simplement le Président Weirich, qui s'en est profondément plaint et qui ne voulait pas que cela soit fait, marquant un distinguo entre la position luxembourgeoise et celle des autres.

Et pourtant, c'est en 1978 que nous avons pu enfin prendre le relais et nous accrocher à une demande française, pour demander de nouvelles réparations allemandes. Il est intéressant d'ailleurs de constater qu'en 1978 et en rendant cela public, un sort a pu être fait à des nombreuses affirmations erronées circulant dans notre pays et ailleurs et mises en route par l'honorable M. Weirich, sur des réparations allemandes aux enrôlés français. Pendant des années, il m'avait affirmé que les Enrôlés de force alsaciens-lorrains avaient été beaucoup mieux indemnisés que les nôtres. Il aura fallu une rencontre au plus haut niveau, c'est-à-dire, entre le Président Giscard d'Estaing et M. le Chancelier de la République fédérale pour que chacun apprenne que cela a été faux et que les enrôlés alsaciens-lorrains n'avaient jamais été dédommagés.

Pendant des années, cependant, on a prétendu ici le contraire.

L'entretien Helmut Schmit/Giscard d'Estaing ayant démontré cela, ce même entretien Giscard/Schmidt m'avait permis, contrairement aux volontés de M. Weirich, de m'accrocher en quelque sorte à l'occasion faite par le chancelier allemand Schmidt, en visite officielle à Luxembourg en mai 1979 et de mon collègue et ami Dietrich Genscher, deux experts furent désignés (suivant le modèle franco-allemand), en l'occurrence le Dr. Möller pour la R.F.A. et M. Charles Reiffers pour le compte du Grand-Duché.

Je crois qu'il n'y a personne dans cette Chambre et dans le pays qui ignore que c'était là deux délégués personnels de ceux qui, à l'époque étaient chancelier fédéral et Président du Gouvernement luxembourgeois. Les demandes d'information ne sauraient donc s'adresser au Ministre des Affaires étrangères.

J'ai constaté par la suite, avec satisfaction, que M. le président Werner, a confirmé purement et simplement dans sa mission M. Charles Reiffers, qui a continué avec compétence et le désintéressement que nous lui connaissons à la mission qu'il a fait par avant.

Ainsi le dossier qui était déclaré clos par la partie allemande, sur la base du moratoire de Londres de 1956 (l'accord de Londres et ce moratoire datent en réalité du 27.02.53 sic) et du Traité portant règlement du contentieux germano-luxembourgeois de 1959 avait malgré tout pu être remis sur la table des négociations, à notre demande et négocié confidentiellement entre M. Reiffers et M. le Ministre Möller. Je sais par ailleurs, et je ne peux aller plus loin, que MM. Möller et Reiffers ont achevé leurs travaux et je pense que les intéressés en sont informés. Mais il y a, comme en toute chose de cette nature, des impéra-

tifs politiques et il fallait attendre les élections allemandes et l'élection d'un nouveau Parlement allemand pour que les responsabilités puissent être prises par un parlement nouvellement élu.

Nous avons donc, en hommes politiques que nous sommes les uns et les autres, certaines raisons de penser que, comme nous nous situons après les élections allemandes et que nous nous situons avant les élections françaises, nous approchons de la période où ce problème pourra être résolu. Et je suis sûr que M. le Président Werner aura tenu au courant le Président Weirich sur ces événements, sans bien sûr pouvoir l'informer du détail, cela étant une négociation confidentielle et hautement politique.

Je crois donc que nous avons tout fait pendant de longues années et déjà sous l'ancien Gouvernement, pour que ce dossier progresse et qu'il soit aujourd'hui en mesure d'aboutir et ainsi donc, si ce Gouvernement décidait, approuvé en cela par la majorité de la Chambre, de changer de position par rapport à celle que j'ai été amenée à défendre pendant 12 ans, à la demande des Présidents du Gouvernement que j'ai servi avec loyauté, s'il changeait cette position donc, je pense que les montants qui devraient être mis à disposition, pourraient l'être, grâce à la compréhension allemande et ne plus reposer sur le contribuable luxembourgeois et j'en serais profondément heureux. Il ne faudrait cependant pas penser que pour autant le dossier avec la République fédérale serait réouvert, alors que juridiquement il est fermé depuis 20 ans et que les gouvernements successifs l'ont toujours déclaré, que ce soit à M. Werner et à moi-même et qu'on ne peut escompter plus qu'un geste de leur part.

Mais je voudrais que tout le monde soit pleinement conscient de cet état de chose, car je crois que si le Gouvernement et Chambre sont prêts aujourd'hui à faire un effort pour classer cette affaire, ce n'est pas pour se laisser engager dans une nouvelle escalade et recommencer éternellement le même jeu, tout simplement pour la gloire, pour l'ambition et pour l'avenir de certains.»

—O—

Im Vorangegangenen stehen derart schlimme Dinge drin, daß man sie nicht unwidersprochen vorbei gehen kann. Doch so einfach ist das nicht angesichts unserer parlamemtarischen Gepflogenheiten. So geschah es, daß unser Nationalpräsident und Deputierte Jos. Weirich erst am 11. Dezember letzten Jahres die Gelegenheit erhielt, die Ungereimtheiten des H. Aussenministers zu widerlegen. Nachfolgend geben wir die Stellungnahme unseres Präsidenten im Parlament wieder.

«A ménger Ried zur Debatt iwwert d'Deklariatioun vum Här Minister Gaston Thorn zu der Aussenpolitik vun onser Regierung, den 28. Oktober 1980, hat ech mer erlabt, méng Verwonerung doriwer auszedrécken, dass an dëser Deklaratioun kee Wuert iwert d'Verhandlungen mat der Bundesrepublik Däitschland gesot war gin. Ech war der Mënung, dass eng Ugeléenheet mam direkte Noper, déi e groußen Deel vun onser Populatioun interesséiert, dës Populatioun e Recht hätt doriwer informéiert ze gin.

Dëst Thema huet, wéi et schingt, onsem Här Aussenminister absolut nët gefall. Aplaz an e puer Sätz ze erklären, daß dës Problematik no Ofmaachung am Regirungskrees an de de Kompetenzberäich vum Här Statsminister géif gehéieren, an d'Chamber dann eben op dem Regierungspresident seng Erklärung gewaart hätt, huet den Här Thorn e laangen Exposé vun ëmmerhin 134 Zeilen am Chamberbericht gehalen, a wouran de Numm Weirich nët manner wéi 10 mol ernimmt as gin. Dat wär och nach egal. Awer Behauptungen, déi den Tatsaachen nët entsprechen, kann ech mat dem beschte Wëllen nët onwidersprach hinhuelen.

Den Här Thorn huet gesot: «Je rappellerai d'ailleurs quand, à certains moments, j'ai dit qu'il nous fallait faire front commun avec nos amis belges et français, ce ne fut personne d'autre que M. Weirich, alors pas encore l'honorable M. Weirich, mais simplement le Président Weirich, qui s'en est profondément plaint qui ne voulait pas que cela soit fait, marquant un distinguo entre la position luxembourgeoise et celle des autres.»

Dat steet nun awer a komplettem Widerspruch mat den Tatsaachen. Well jhust d'Fédération des victimes du nazisme, enrôlées de force huet zesummen mat hire franséischen a belschen Leidensgefährten d'Fédération internationale des victimes du nazisme, enrôlées de force gegrënnt, an un der als Président international och de J. Weirich stung.

Et as ënner dëser Fédératioun wou den internationale Memorandum ausgeschafft as gin, an zwar vun hirem Conseiller juridique, den international bescht bekannte Jurist Georg Nonnenmacher. De Memorandum gouf am Joer 1964 zu Paräis, zu Bréssel an hei zu Lëtzebuerg (den 19. November 1964 um 11,45 Auer) de Regierungen iwwergin. Gestäipt op dës gutt fondéiert, juristesche Arbecht hun déi franséisch, belsch a lëtzebuergesch E.d.F. gehofft, datt d'Bundesrepublik Däitschland sech hirer Verantwortung bewoßt gi géif.

Ech weëll kéngesfalls déi Ustrengungen an Demarschen weder leegnen nach minimiséieren, déi den Här Aussenminister Gaston Thorn

an dem Sënn gemaach huet, Mä ech sin awer och bereet ënner Eed auszesoen, dass den Här Thorn an engem bestëmmten Ament onser Fédératioun de Reproche gemat huet, mat recht oder Onrecht sief dohigestalt, datt duurch onst internationalt Optrieden, zesummen mat de Franzosen an de Belschen, d'Verhandlungen tëschen Lëtzebuerg a Bonn geplazt wieren. Dat as also jhust de Konträr vun deem, wat den Här Thorn den 30. Oktober hei gesot huet.

Wat mir ëmmer erkläert hun an och nach behaupten, dat as, datt de Fall vun der Zwangsrekrutierung vun de Lëtzebuenger anescht gelagert as, wei deen a Frankräich an a Belgien. An duerfir hu mir E.D.F. och dem Här Thorn seng Äußerungen gegleewt, datt, wann Däitschland nach eng Entschiedegung weinst der Zwangsrekrutierung géif ausbezuelen, dann fir d'éischt un d'Lëtzebuenger. An deem Sënn hu mir och d'Demarschen vun de jeweilige Lëtzebuenger Regierungen konsidéiert.

Wéi erstaunt ware mir awer 1978, wéi op eemol a franséischen Zeidongen ze liese stong datt en accord tëschen dem franséische Statschef an dem Bundeskanzler Schmidt an der Fro vun der Entschiedegung vun de franséischen Incorporés de force entstane wir. Eis Regierung wosst näischt heifunner, an do-bäi sollt awer Lëtzebuerg als éischt un d'Rei kommen, wann op deem Plang eppes ze geschéen hätt. An den Här Thorn bestätegt dat a sengem exposé vum 30. Oktober, wann e seet: «Et pourtant, c'est en 1978 que nous avons pu enfin prendre le relais et nous accorcher à une demande française pour demander de nouvelles réparations allemandes.»

Et as also ganz kloer: Mir hinken no. Nët mir, mä d'Franzosen hun d'Initiative ergraff.

An dann fiert den Här Thorn weider mat Explikatiounen, déi an engem gewëssen Sënn déi Lëtzebuenger Regierung entschëllege sollen, déi falsch Informatiounen gehat soll hun, an zwar behaupten: «... un sort a pu être fait à une des nombreuses affirmations erronées circulant dans notre pays et ailleurs et mise en route par l'honorable M. Weirich sur, sur les réparations allemandes aux enrôlés français. Pendant des années il m'avait affirmé que les enrôlés alsaciens-lorrains avaient été mieux indemnisés que les nôtres.»

Ech wees nët ob e Ministère oder en héichqualifizéierte Jurist wéi den Här Thorn d'E.d.F. a spéziell den Här Weirich gebraucht hun fir hinnen ze soen, wat am däitsch-franséische Reparaturvertrag steet a wat do fir déi franséisch «Malgré-Nous» erausgefall as. Dat steet do schwarz op wäis a kann mat deem verglach gin, wat am däitsch-lëtzebuergesche Repara-

tiounsvertrag steet. Awer, wat mir E.d.F. ëmmer behaupten an och nach behaupten, dat as, datt op nationalem Plang déi franséisch «Malgré-Nous» besser gestalt sin as ewéi d'E. d.F. hei zu Lëtzebuerg. D'Zäit feelt mir, fir all dës Differenzen opzezielen, an ech weëll nëmmen ganz einfach erklären, datt a Frankräich d'«Malgré-Nous», déi an der preisescher Armée waren, absolut gläichgestalt sin mat hiren «Ancien combattants». Dat as hei zu Lëtzebuerg nët de Fall!

An da stellt den Här Thorn eng Behauptung op, déi dem Fas de Buedem komplett aschleët, an zwar: «L'entretien Helmut Schmidt/Giscard d'Estaing ayant démontré cela, ce même entretien Giscard/Schmidt m'avait permis, contrairement aux volontés de M. Weirich, de «m'accrocher» en quelque sorte.....»

Een deen elo méi wéi 30 Joer mat Leif a Séil sech asetzt, fir datt d'Problemer vun den E.d.F. esougutt op nationalem wéi internationalem Plang sollen acceptabel a definitiv Léisungen fannen, ech wir degéint gewiescht, datt d'Regierung sech «accrochéiere» soll fir eventuell eng Léisung erbäi ze féieren!

Et kommen dann nach eng Reih Kontradiktiounen an Ennerstellungen op déi ech weëst Zäitmangel hei nët kann agoen. Awer ech si gäre bereet jiederzäit, egal op wat fir enger Plaz, déi laang Geschicht an d'Folgen vun der Zwangsverschleefung hei zu Lëtzebuerg kontradiktöresch a mat Ennerlagen ze erklären, ze ënnermaueren an ze beweisen.

Mä eppes weëll ech hei zum Schluss nach eng Kéer behaupten: Ech hun mech bis elo éerlech a mat aller Kraaft fir d'Problemer vun enger ganzer Generatioun agesat. An maachen dat och nach weider. Ob dat nun engem Minister, enger Partei oder irgend enger Organisioun gefällt oder nët. Ech verdeedegen d'Rechter vun enger ganzer Generatioun, an dat mat alle Mëttelen, déi hei zur Verfügung stin, an ech schie keen Affer a këng Zäit. Et ass mir och ganz egal, wien d'Meriter soll hun, wann de ganze Sträit ee fir allemol geléist as. Ech hoffen a wënschen nëmmen, datt et geschwënn, definitiv an acceptabel fir d'E. d.F. as. Ech perséinlech weëll a brauch kee Merci fir Verdingschter, awer ech verwiere mech op dat aller Energeschst géint Ennerstellungen a falsch Behauptungen, wéi de fréieren Här Aussenminister et gemat huet: «Ce n'est pas pour se laisser engager dans une nouvelle escalade et recommencer éternellement le même jeu, tout simplement pour la gloire, pour l'ambition et pour l'avenir de certains.»

Ech maache weder e «jeu», nach hun ech je Profit aus méngem Asaz fir d'E.d.F. gezun. Ech bedauern zu déiwst dës Erausforderung,



déi kéngesfalls vu mir provozéiert gin as, an et géif mir séier Léd dongen, wann si déi elo an Aussicht gestalten définitif Léisungen vun deenen zwee E.d.F.-Problemer, déi nach opstinn, géif ongëschteg beaflossen.

—o—

Bevor wir diese Angelegenheit ad acta legen, kommen wir nicht daran vorbei, dem Vorangegangenen einige nicht unwichtige Bemerkungen hinzuzufügen.

H. Thorn sagte: «... la... question, ... des Enrôlés de force, ... a un double aspect, un aspect interne et un aspect externe.» Daß dem tatsächlich so ist, scheint dem einstigen «Rapporteur» des «Schandvertrages» inzwischen klar geworden zu sein. Bis Ende 1978 Anfang 1979 liess er uns das Gegenteil glauben, wollte er doch seinerzeit von dieser Fédération wissen, die ihn stets falsch unterrichtet haben soll, was die E.d.F. denn eigentlich möchten. Zu diesem Zweck beauftragte er Herrn Emile Raus, in Zusammenarbeit mit dem Vorstand der Föderation, einen Bericht darüber zu erarbeiten. Dieser war am 8. März 1979 fertiggestellt und Herrn Thorn übergeben worden.

In diesem Bericht sind, weiß Gott zum wievielten Mal, eben die beiden Aspekte des Problems der Zwangseinziehung genau dargelegt. Diese beiden Aspekte getrennt behandeln, nannte H. Thorn letzthin ein «jeu», ein Spiel, und meinte, die Forderungen der E.d.F. würden ihn immer wieder überraschen: Jede interne Maßnahme würde eine externe Aktion nach sich ziehen, und

umgekehrt. Woraus man eigentlich schlußfolgern müßte, H. Thorn habe nicht gebriffen, oder wollte nicht begreifen.

Und weil wir, ehrlich gesagt, das wiederum nicht begreifen können, glaubt H. Thorn in der Abgeordnetenversammlung sagen zu müssen, wir hätten ihn stets und ständig beargwöhnt. Ohne daß dies unsererseits je der Fall gewesen wäre. So hat doch gerade er hinlänglich Grund und Gelegenheit dazu gegeben.

Hinsichtlich der Entschädigung der französischen «incorporés de force», hätten wir E.d.F. Hr. Thorn falsche Informationen aufgetischt und solche im Lande zirkulieren lassen, behauptete er am 30. Oktober vor den Abgeordneten. Das ist, um es gelinde auszudrücken, falsch. H. Thorn wußte genau so gut wie wir, daß den zwangsrekrutierten Elsässer und Lothringer niemals auch nur einen Sou vom französischen Staat ausbezahlt wurde als Entgelt für Lohnausfall oder Verlust von Einkommen während der Zeitdauer ihrer Zwangsrekrutierung. Frankreich hat seine «Malgré-Nous» in dieser Hinsicht komplett ignoriert. Das war für Luxemburg nicht der Fall. Sein Gesetzgeber veranlaßte, daß den E.d.F. eine gewisse Entschädigung bezahlt wurde, schuf aber damit eine Diskriminierung der E.d.F. innerhalb des Kreises der Nazi-Opfer. Und das wiederum blieb unseren französischen Leidensgefährten erspart. Und genau das haben wir unserem einstigen Außen- und Staatsminister Thorn immer wieder gesagt. Das Gegenteil behaupten, ist wissentlich die Unwahrheit sagen. s. n.

## Schmierschrëften

Et gi Leit, an 't freet ee sech wierklech, ob et der sin ewéi déi aner, déi (wéinegstens emol vu sech selwer mengen, datt se) nach normal sin, déi müssen op alles, wat an d'A fällt, hier koppech Iddien dreckspinsel goen.

Den Herrgott huet vill gelunge Kanner, dat muss e scho soen. Déi eng klauen de Fiischen an der Stat a wann et mat där Afeléift do virugät, da botzen se geschwënn och nach de Kueb an d'Muschel. Dat awer nëmmen niewebäi.

Mä 't as trotzdeem awer kee Respekt méi énnert de Leit, well 't es dach de Kombel, do huet dach eent vun deenen uewe genannte Kanner eng komme gelooss an nach op eng schéi Mauer vun der Pönt a Choosi de Bierg erof vun Duelem op Bus... 't as iwwregens nët wäit e-wech vum Duelemer Fräiheetsadler.

Op dësem Blat Pabeier kann ee wierklech nët soe wat s'alles dorëmmer klauen an 't kann een och nët noschreiwen wat do op där Mauer stät vun Duelem erof op Bus. Well, an engem Lieserbréif därferen nëmme Saache stoen, déi wouer, propper an ethesch vertriebar sin, och wann d'Wourecht dat einfach nët sin.

An dofir soll jiddereen, deem et nët op déi puer Su Bensin ugät, déi Uelechfuewmolerei ukucke goen, déi do op där Mauer stät.

Hei soll och drop higewise gin, wéi wichteg déi Méiglechkeet as, datt een séng fräi Meinung an e Lieserbréif apake kann, well de Lieserbréif praktesch jo dat eenzeg Ventil vum klengen Vollék as. Do kann et an där et fräi schwätzen. Probéiert dach emol eng Kéier!

Well Knaschtparolen gehéieren nët op eng Mauer.

A speziell déi Verantwortlech an eisen Zeitungen hun dee grouse psychologesche Wäert vum geeschtege Volléksauspuff scho lang erkannt. An dofir kann d'Vollék a séng Lieserbréiwer och ganz déck Bake maachen an drécken, well wéi gesot, 't kënnt all déifmoraalesch Meinung a virun allem all Wourecht op den Tablo. - - «So Jhang, as dat näischt?»

....d'lescht sot e klengt Meedchen an engem Lieserbréif, 't hätt dem Grimm en Daler gin an 't ging awer näischt méi gläwen.

A wee wonnert sech bei esou enger Klenger-Meederchers-Lektür driwwer, wann esou e Rotzboof seet, e wier dach kee Krëschtkeendchen fir nach un de Kleeschen ze gläwen.

suida robert

## Grands deuils chez nos compagnons d'infortune français



Antoine Hundertpfund



Georges Klein

Au bulletin du troisième trimestre 1980, l'ADEF, Groupement du Haut-Rhin, informa ses lecteurs par une brève notice que Antoine Hundertpfund, le sympathique et dynamique président interdépartemental de l'ADEF du Haut-Rhin et président de la section de Colmar, était hospitalisé. «Son état, sans être alarmant, est inquiétant et préoccupe ses médecins, sa famille, ses proches et ses amis... Nous souhaitons du fond de notre coeur, qu'Antoine puisse reprendre très rapidement sa place à la tête de notre Groupement.» C'est ce qu'écrivaient ses camarades.

Hélas! Antoine Hundertpfund ne devait plus se remettre de sa maladie. Il rendit son dernier soupir le 21 octobre, à l'âge de 66 ans.

C'est avec une vive émotion que nous apprenions au Grand-Duché la nouvelle de son décès. A ses obsèques, vendredi le 24 octobre 1980 à Colmar, c'était rendu une délégation du comité de notre fédération formée par les membres Mathias Scholer, Bert Adam et Joseph Clees.

Trois jours plutôt, le Groupement du Bas-Rhin fut frappé douloureusement par le décès inopiné de Georges Klein. Il était député, membre du comité directeur élargi départemental, président de la section de Sélestat et président de l'Amicale interdépartementale des Anciens de Tambow.

Le 18 Octobre 1980, en début de soirée, alors qu'il revenait d'une réunion à Hagenau, Georges Klein fut victime d'un terrible accident de la circulation qui l'enleva brutalement à l'affection

des siens et à l'amitié de tous ces camarades «Malgré-Nous» d'Alsace-Lorraine.

Georges Klein et Antoine Hundertpfund furent pendant de longues décennies les vaillants et acharnés défenseurs des victimes des ordonnances scélérates de l'incorporation de force nazie dans les deux provinces de l'Est de la France. Comme tant d'autres, ils ne connaîtront plus jamais cette ultime satisfaction de voir aboutir l'indemnisation, pour laquelle ils avaient, tous deux, tant luté

Qu'ils reposent en paix.

s.n.

### ENRÔLÉS DE FORCE SECTION UEWERKUER

In Memoriam

Louis METZLER  
1926-1980

Krichsinvalid

Léiwe Komerod Louis, du bleiws an eiser Mëtt, mèr vergiessen dech nët.

## E Kand kann et ausrechnen

1980. E klengt idyllescht Duerf hei am Ländchen. An där léiwer, heemlecher Dierfercher hu mer der haut jo nach esou vill. Dëst läit wéi gemoolt a Frésummerfuewen an de Wisen mat engem klenge Bësch ronderëm. Haiser, eng Schoul, eng Kiirch.

An der Schoul an deem Dierfchen stellt d'Joffer de Kanner dës Fro: «Wann de Wand mat 36 km an der Stonn bléist, wivill Kilometer wäit bléist en dann en enger Véierelstonn?» --- d'Fro muss de Kanner nët schwéier virkomm sin, well wéi aus engem Monn kënnt et aus de Schoulbänken: 9 Kilometer.

't läit eppes Frädegés an där Äntwert, 't as wéi e froue Kannerchouer, lieweg wéi de Jonktem as a wéi Zoukonft vun eiser Nokommenschaft soll sin. D'Joffer frät sech mat de Kanner.

Mä de Kanner hir Äntwert gët engem dach ze denken. Eng Véierelstonn Wee fir eng duuss Lëftchen. Nëmme eng Véierelstonn. A vu Kettenuewen bis heihin bei äis as et fir d'Lëftchen nët méi wäit a nët méi laang. An eppes méi wéi eng hallef Stönnchen bis iwwer d'Staat eriwwer op Miersch zou... a vu Rénich a Maacher queesch eriwwer bis op Maarteleng, nodeem de ganze Süden iwwer Esch, Déifferdeng, Rodange bis Réiden und der Atert scho vun där duusser Lëftchen besicht gin as. Mä déi Lëftchen kann all Ament dat konzentréiert an onverdénnt Atomgëtt a Form vu radioaktive Strahlen matrénge... wann d'KKW zu Kettenuewen färdeg do steet.

Awer, berouegt lech, eréischt, wann et esou wäit as, a bis duer, genéisst ärt Liewen, well't bleiwt jo ëmmer nach d'Weezäit bis un de Gaalgen.

Déi Véierelstonn, déi louder Véierelstonn do. Wivill Zäit engem do iwwreg bleiwt fir unzegoen ouni eng flappeg Portioun Atomstralen gratis matfortzeschleefen, dat ka wéi gesot, jo all klengt Kand ausrechnen.

Mä maacht lech alt erëm keng Suergen, well wann och Dreivéierel vun de Lëtzebuurger d'Aussicht hun dropzegoen, d'Rass bleiwt erhalen an nach déi vun der beschter Zort, well ir et zum Gréisst-méiglechen-Atomfall (GAU) kënnt, as d'Sippschaft vun der Lëtzebuurger Atomlobby scho laang duurch d'Bascht... wäit ewech vum Schoss, duer, wou sous garantie kee geféierleche Centre nucléaire se obligéiert fir sech Soucis'en ze maachen.

Duerop, awer nëmme duerop kënnt der lech doudsëcher verloossen.

suida robert

## DIKKERECH

D'Journée Commémorative» vun der Amicale ONS JONGEN» war dëst Jar eng Woch ausgesat gi fir net mat dem 35. Anniversär vun den Tambo-

wer zesummenzefalen. Si gung em 1/8 Auer u mat enger Mass fir all gefalen an zënter dem Krich gestuerwe Komeroden, Mass fir déi mer eisem Komerod, dem Abbé Marcel Ripp, an och de Sänger vum Caecilieverein ënner hirem Dirigent Norbert Daman e grusse Merci schëlleg sen.

Duerno war d'Generalversammlung am Siège Social vun der Amicale, dem Hôtel de la Gare. Vill Membere ware komm, wat de Comité an senger Arbicht bestierkt. No senger Begréissung hot de President Marcel Dockendorf d'Assemblée gebieden, e Memento anzeleë fir verschidde Verstuerwener vum Jar, dorënner eise Member Nic. Weis an d'Mme Adèle Schmitz-Reuter. Di verschidde Rappore gin ouni Reklamatioun iwer d'Bühn, de Comité bleiwt wi e war, Caisse-Reviseure bleiwen och di HH. Al. David an Ant. Neven. De President schwetzt dann iwer eis Problemer op lokalem an nationalem Plang. Lokal as et besonnesch de Calvaire vun den Enrôleen, deem am ganze Land grussen Uklank fond hot, soss wiren net iwer 700.000 Fr. zesummekomm. Merci un all Sektionen, Associatiounen a Privatlett, di beigedroen hun zu dësem grusse Wierk! Vun de Motiver, di op di 14 Statiounen kommen an de Leidenswee vun der geafferter Generatioun zeechne solle, sën der well 10 feerdig a waren an dem Versammlungslokal ze gesin. Si gin all duebel gemaacht, an d'Copië kommen an de Musee vun der Stat Dikkerich henken. Bei Gelegenheit vun deem Vernissage gët d'Press agelueden a krett genee Detailler iwer di ganz Enterprise. Mat der Aweihung vum Kräiz zwee kaa fir d'Fréijar 1981 gerechent gin.

En anert Monument, wat di Dikkrecher der Saach vun der Zwangsrekrutierung gesat hun, as eng Bibliothéik, an deer alles gesammelt as, wat iwer eise Problem geschriwe gin as. Si gët elo an de Cader vun der Statbibliothéik erageholl.

De President schwetzt dann och nach iwer d'fréizeitig Pensioun, an invitiert all Memberen, déi Schwierigkeiten hun, sech un hire Comité ze wenden.

Mat dem Mëttegiessen, dat wie ëmmer dem Haus Infalt Eier gemaacht hot, gung d'Journée 1980 zu Enn.

## D'Jongen vum RAD-Lager Rehfelde (Schlesien)

Fir d'6. Kéier haten si sech dëst Joer getraff, a.z. den 18. Oktober 1980 zu Trënten. Nodeem virun dem Monument aux Morts Blumme néiergeleucht ware gin an se sech un déi Gefaalen an zënter dem Krich fréizäitig verstuerwe Komeroden erënnert haten, sin si op der Märei vum Gemengeroot emfaange gin. Den Här Buergermeeschter Jos. Rennel huet un die grujlech Zäit erënnert, wéi eist Ländchen vun de Preisen ausgegribert gouf, a wéi d'Meedercher an d'Jongen

vun deemols verschleeft si gin. „Ech hat Chance, – sot de Buergermeeschter, – ech sin vum Joergank 1927, a war op en Hoer och berbäi gewiescht“. Mir E.d.F. hätte Recht mat onsen Aktiounen, a sollten esou viirun fueren. Sollt emol spéider nees eppes vun äis zu Trënten organiséiert gin, da géing d'Geméng eis schon elo invitiéieren.

Géint 7 Auer (owens) soutzen déi al Jongen mat hire Fraen um Dësch fir d'lessen, dat de Komerod Justin Molling vu Roedt an der Auberge vun Trënten bestallt hat, grad wéi hien sech ëm d'Organisatioun vun Treffen bekëmmert hat. Wéi bei der selwechter Geléenheet an de Joere viirun, esou war och dës Kéier Stëmmung ganz gutt, an all waren se d'accord um nationale Plang nët nozeloossen, bis d'Problemer vun den E.d.F. définitiv geléist sin.

Als Aktivitéit fir 1980 as ze verzeechnen: Bedeelegong un der Oktavmass; den 1. Juni ware 16 Mann derbäi, wéi am Kader vun enger Kulturwoch am Préizerdauil eng Spazéiergank mat Surprisen gemaach gouf; zu Hollerech, wou den 15. Juni d'Promenade surprise vun den E.d.F. war, waren 17 vun eisen ale Rehfelder mat derbäi; an da war nach d'Bedeelegong un der Journée Commémorative Nationale V.N.E.F. an um Konveniat zu lechnach (Komerod René Mahr).

Fir 1980 as schon elo als Aktivitéit viirgesin: Bedeelegong un der Oktavmass, un der Promenade surprise vun den E.d.F. zu Esch/Uelzecht, un der Journée Commémorative Nationale, an dann den 10. Oktober eise Konveniat am Préizerdauil mat Fuendelweih. D'Organisatioun um lokale

## «JOURNÉE DE CONTACT» in Eischen

Am vergangenem 11. Oktober trafen sich die Zwangsrekrutierten aus Eischen zu ihrer traditionellen Journée de contact. Der Gedenkmesse für die gefallenen, vermißten und frühzeitig verstorbenen Kameraden, die von Pfarrer Birsens zelebriert und der Chorale Ste Cécile gesungen wurde, folgte die Niederlegung eines Blumengebindes am Monuments aux Morts.

Bei dem von der Sektion angebotenen «Apéritif» konnte Präsident Leopold Wolff wieder eine stattliche Zahl von Teilnehmern begrüßen u.a. Bürgermeister Jean Wolff, Nationalpräsident Jos. Weirich sowie verschiedene Eltern, Frauen und Kinder der Zwangsrekrutierten.

Während dem reichhaltigen und guten Essen im Restaurant Brickler, erläuterte Präsident Jos. Weirich die mit der Regierung gelösten (Kriegsschädengesetz) und noch anstehenden (Frühpensionierung) Probleme der Zwangsrekrutierten.

Bürgermeister Jean Wolff erinnerte an die Zeit der Wehrpflicht Einführung sowie das Entstehen einer Resistenzorganisation, der auch verschie-

Plang iwwerhët de Komerod Willi Mertens. (Op dësen Dag komme mer nach z'rëck).

Déi Komeroden, déi nach keng Kéier derbäi waren, sollen am Joer 1981 och eemol matmaachen. Melle kann ee sech entweder bei dem – Willi Mertens., 44, Haptstrooss zu Platen (Bettborn) Tel.: 6 20 31' oder – Robert Mergen, 96, Wisestrooss, Rolléng (Lamadelaide) Tel.: 50 81 95.

Rob. Mergen

## OPRUFF

un déi Lëtzebuurger Jongen an un déi belsch Krichsgefaangen, déi am leschte Krich zu Kapweiler, um Haff

## Emile FISCH-THEISEN

zäitweileg ënner Daach komm waren oder do verfleegt gouwen.

Si solle sech schrëttlech mellen, entweder bei der Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlés de Force, Boîte postale 2415, Luxembourg oder bei der Madame Emile FISCH-THEISEN, Maison 3, 8451- Kapweiler.

\*\*\*\*\*

dene Kameraden der Jahrgänge 1920-26 angehört.

Die «Journée de contact» endete mit dem allgemeinen Wunsch, die Tradition auch in Zukunft aufrecht zu erhalten.

In seinen anschließenden Ausführungen erläuterte er Ursache und Gegebenheiten, die zur Verleihung der von unserem Staate geschaffenen Auszeichnung geführt haben. Er erinnerte an die Zeit vor 40 Jahren als Luxemburg, noch im Zeichen der Jahrhundertfeier stehend, von deutschen Truppen besetzt wurde; an die Einsetzung der Zivilverwaltung, und sprach über die von ihr angewandten Maßnahmen und Verordnungen, die für unsere Bevölkerung alles andere als friedlich waren.

Von sehr großer Bedeutung sei der 10. Oktober 1941 gewesen, als 95% der Luxemburger dem Gauleiter bei seiner Personenbestandsaufnahme eine Abfuhr erteilte. Die Antwort auf diese politische Niederlage aber traf besonders die Jahrgänge 1920-1927, die zu R.A.D., K.H.D. und Wehrmacht eingezogen wurden. Die sich zur Wehr setzenden Streikenden (Wiltz-Schif-

flingen u.a.m.) mußten mit ihrem Leben bezahlen, währenddem der Leidensweg der betroffenen Jugend begann, welcher für 3.500 junge Luxemburger mit dem Tode endete, teils auf den Schlachtfeldern und vor Hinrichtungspfählen, teils in den Gefängnissen und in den Kriegsgefangenenlager.

Viele, denen es gelungen war den Nazis zu entfliehen, fanden unschätzbare Hilfe seitens aufopferungsvoller Menschen und Familien, in der Heimat wie auch im Ausland, —welche ihnen bis zum Kriegsende Unterschlupf und Betreuung gewährten.

Welche Verantwortung hatten diese mutigen Familien auf sich genommen um das Leben dieser jungen Menschen zu retten? In welcher Angst und in welchen Gefahren für Haus und Hof lebten diese Helfer, dauernd mit dem Gedanken belastet, selbst erwischt oder verraten zu werden? Welch überaus großen und uneigennütigen Dienst erwiesen sie unserer Heimat? Um sich all dieser Taten dankbar zu erweisen, wurde die «Médaille de la Reconnaissance Nationale pour service rendu à la patrie pendant la Guerre», von der Regierung geschaffen.

Im Namen seiner königlichen Hoheit dem Großherzog verlieh Herr Bürgermeister Wolff die Auszeichnung an die Familie Sophie Bettendorf, Herrn Marcel Krier und an Frau Thommes-Mangen, alle wohnhaft in Nothum/Attert, sowie an Herrn Aloyse Wodelet, geboren in Hobscheid, wohnhaft in Brüssel.

Anschließend beglückwünschte er die betr. Familien für die ihnen zuteilgewordene Ehrung

und gab seiner Hoffnung Ausdruck, daß unserer lieben Heimat in Zukunft solche Zeiten erspart bleiben.

WL

## EISCHEN

### *Verleihung der «Médaille de la Reconnaissance Nationale»*

Anläßlich der «Journée de Commémoration Nationale» hatten die Zwangsrekrutierten der Sektion Eischen zu einer sinnvollen Feierstunde im Gemeindesaal eingeladen. Mehrere Familien aus dem benachbarten Belgien war für ihre, während dem Kriege den desertierten Zwangseingezogenen erteilte Hilfe, die Médaille de la Reconnaissance Nationale zuerkannt worden

Die Verleihung, unter Mitwirkung der Gemeindeverwaltung, hatten mit ihrer Anwesenheit beehrt: Bürgermeister Jean Wolff, Schöffe Lou Martiny, die Gemeinderäte der Sektion Eischen, (die Räte von Hobscheid sowie die Steinforter Gendarmerie liessen sich entschuldigen) Pfarrer Paul Birsens, das Gemeinde- und Lehrpersonal, Vertreter sämtlicher Dorfvereine und die Enrôlés de Force der Sektion Eischen.

Nach der Begrüßung der Anwesenden durch den Herrn Bürgermeister, bedankte sich Präsident Léopold Wolff bei allen für die Teilnahme an dieser so wichtigen Feier. Seine Anerkennung galt besonders der Gemeindeverwaltung für ihre spontane Bereitschaft anläßlich dieser Zeremonie den Ehrenwein anzubieten.

